# Gutt Zeiten a schlecht Zeiten am Sandweiler Spidol

Geschriewen a gespillt vun de Sandweiler CaraPio am Januar 2001

"L.G.S." Letzebuerger Guiden a Scouten

Rollen :

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Doktor Best : | Jeff |
| 2. | Doktor Stefan Krank : | Anne |
| 3. | Schwester Nikola : | Delphine |
| 4. | Schwester Stefanie : | Linda |
| 5. | Jemp : | Philippe |
| 6. | Receptionistin : | Claudine |
| 7. | Mme Schmitt (Patient) : | Simone |
| 8. | Britney Spears : | Yves |
| 9. | Patient 1 : | Lynn |
| 8.a. | Madame (=Britney Spears): | Yves |
| 10. | Patient 2 : | Aline |
| 9.a. | Patient 3 (=Patient 1): | Lynn |
| 5.a. | Mann (=Jemp) : | Philippe |
| 7.a | Frau (=Mme Schmitt)(Patient 4) : | Simone |
| 11. | Men in Black 2X: | Tim & Steve |
| 12. | Erzieler: | Nicole |
| 13. | Iwwersetzter | Aline |

Ween schon eng Keier zu Sandweiler am Spidol war, wees dass et do ganz aussergeweinlech zougeet. Den Scheinheetschirog Dr. Stefan Krank opereirt den Top Star Britney Spears. An den Doktor Best ass neidesch well sein Kollege den Stefan d'VIPen kritt an hien sech mam Gesocks daerf erem ploen.

*Dei eenzel Charakter gin kurz mat Musek virgestalt.*
Erzieler:
Den Dokter Best ass de Liebling op eiser Station. Hien gett vun allen bewonnert.
Den Dokter Stefan Krank ass eisen Scheenheetschirog dem die Frauen vertrauen.
Schwester Nikola ass verschoss an eisen Dokter Best.
Schwester Stefanie ass dei mei roueg Persoun op der Station.
Den Jemp ass eisen wertvollen Hausmeeschter den emmer bereet ass ze hellefen.
Receptionistin Dora eng direkt, launesch Persoun, hoffen dass se haut gutt gelaunt ass!
Madame Schmitt sie geheiert schon zum Alldaag vun eisem Spidol dozou. Wirwaat gesitt der elo glaich.
An dann hun mer nach lauter Special Guests.
Also los iech iwwerraschen!

1. Szen

*Hausmeeschter Jemp botzt Bühn of (dei ganzen Zait)*
*Receptinistin ass op der Bühn.*
*Dei zwou Schwesteren drenken Kaffi an spillen Kaart.*

Receptionistin: Gudden Moien Herr Doktor Best! Wei geet iech haut? Hei fir ierch, ech hun haut de moien nach extra een Kuch fir iech gebackt .*(gett him een Kuch)*. Dir west jo dass dir main Lieblingsdokter sidd.

Dokter Best: Merci Dora!*(stellt den Kuch op den Receptionsdesch nider.)* Mir geet et net gudd well main Porsch an der Garage ass an dofir hun ech missen mat menger Mamm fueren. Geing dir mir w.e.g een Kaffi maachen.

Receptionistin: Kennt direkt!

Schwester Nikola: Moien Herr Dokter Best! War de bei de Koiffer? Dir gesidd haut erem esou schein aus.

*Währenddems geet Schwester Stefanie bei Receptionistin an hellt hir den Kaffi aus der Hand.*

Schwester Stefanie: Wievill Stecker Zocker wellt der Herr Dokter?

Dokter Best: Zwee gin duer.

*Schwestern streiden sech ween dem Dokter de Kaffi soll brengen. Schwester Nikola gewennt an leeft dem Dokter no. Dobei dreit hat sech nach eng Keier em an streckt der anerer Schwester Zong eraus. Daat motzt.*

*Den Dokter Best verschwend an sain Zemmer. Eng eeler Damm kennt eran.*

Receptionist: *( net graad mei esou frëndlech)* Gudden Moien!An waat hun mer dann haut Madame Schmitt?

Mme Schmitt: Ma dir wees jo wei daat hautzudaags ass. Mir eeler Leit gin vun all Krankheet befaal. Ech mengen ech hun BSB.

*(Musik vun den Backstreetboys heiert een kuerz am Hannergrond.)*

Recepionistin: Dir mengt bestemmt BSE.

Mme Schmitt : Jo genau daat hun ech och nach. Ass den Herr Doktor Oetker schon do.

Recptionistin : Nee den ass bei den Onkel Bens. Mais ech soen dem Herr Doktor Best bescheed dass dir hei sidd. Huelt iech esou lang Platz w.e.g.

Madame Schmitt: Ma daat ass gudd, endlech mol nees mei een jonken Dokter.

*Mme Schmitt setzt sech.*

*Dr. Stefan Krank kennt eran. Hien gesait den Kuch an well sech een Steck huelen dobei schleit Dora him eng op Fanger.*

Dokter Stefan Krank: Aua! Daat deet wei.

Receptionistin: Den ass net fir iech nemmen fir den Dokter Best!

Dokter Stefan Krank: Ojo! Mir back der nie een Kuch. Kenn der mer dann wingstens meng d'Akten vun mengen Patienten w.e.g gin.

Receptionistin: Lait schon alles op irechem Pult.

Dokter Stefan Krank: Merci!!!

*Well goen, me dun kennt grad Schwester Nikola aus dem Büro vum Dokter Best*

*eraus an huet lauter Akten bei sech. Nikola an den Dr. Stefan Krank rennen zesummen.*

Schwester Nikola : Oh mein Gott!!!

Doktor Stefan Krank : Nee nee Professor geed schon dur.

*Nikola sammelt seng Saachen zesummen an et geet bei d'Receptionistin.*

*Dr. Stefan Krank geet eraus.*

Schwester Nikola: Hei sin dann mol die aal Akten vun den Patienten. Ass een neien Patient fir den Dokter Best do.

Receptionistin: Jo. Dir kennt him soen dass Madame Schmitt schon hei ass.

*Madame Schmitt hält een klengen Temmchen.*

*Schwester Nikola geet an den Büro.*

*Dokter Best kennt eran an tippt der Mme Schmitt op Scheller dei nach emmer hiren Temmchen hält. Sie erfeiert, sprengt op an schätzt.*

Mme Schmitt: AAAAAAHHHHJJJJJAAAAAAAA!!!

*Dokter Best sprengt erfeiert zereck.*

Doktor Best : Asou dir lieft awer nach.

Mme Schmitt: A dir sidd et Dokter Best. Dir klengen Charmeuuuurrrr!!! Schlaicht ierch einfaach un eng eeler Damm erun. Ech wees ech sin eng flott Moss mee et muss een ët net iwwerdreiwen.

*Dokter Best kritt keen Wuert mei eraus.*

Mme Schmitt: Daje Haer Dokter komm mer gin an aert Zemmer!

*Sie gett dem Dr Best een Klaps op den Arsch.*

Mme Schmitt: (dreit sech zum Publikum)Ulala knackeg zackeg!Häer Dokterchen ech kooommen!!!

Doktor Best : An Mme Schmitt waat feelt iech dann haut ?

Mme Schmitt: Oh, Herr Doktor mir deet alles weih.

Doktor Best : Jo jo den Alter ass naischt scheins.

*Mme Schmitt kuckt rosen.*

Doktor Best : Wou genau hut dir dann Peng?

Mm Schmitt : Iwwerall Herr Doktor. Wann ech hei hin drecken deet et weih wann ech do drecken deet et weih. Et ass einfach net mei auszehaalen.

Doktor Best : Hmmm. An wann dir do dreckt ?

Mme Schmitt : Jo do deet et och weih.

Doktor Best : Dat ass naischt schlemess. Dir hut iech einfach de Fanger gebrach.

Mme Schmitt : Meng dir Herr Doktor ?

Doktor Best : Jo jo, ech sin mer secher. Ech verschreiwen iech eng Creme an dann gitt bei d'Schwester dei meecht iech een Gipsverband an dat geet daat erem an d'Rei.

Mme Schmitt : Ech soen iech dausend mol Merci!

Receptionistin: Dass eben eisen Beschten Dokter!

Madame Schmitt: Jo, do hut der Recht.

Doktor Best : Dora kenn dir emol Schwester Stefanie ruffen w.e.g.

Recepionistin : Jo en Momentchen!

*Durch den Mikro gett Schwester Stefanie opgeruff.*

Receptionistin: Schwester Stefanie an Reception w.e.g.! Schwester Stefanie !

*Schwester Stefanie kennt eran.*

Doktor Best : Schwester kennt dir der Mme Schmitt een Verband maachen w.e.g.

-- An hut dir och schon dem Patient Nr. 12 Blut ofgehol.

Schwester Stefanie : Jo mais mei wei 6 Liter kruut ech bei dem Kneckjhang awer net eraus.

-- Kommt mir w.e.g no Mme Schmitt.

*Mme Schmitt well heraus goen mee dobei gesät se den gaanzen Stapel Zeitungen um Desch leien. Sie verstoppt all Zeitungen an hir Posch an geet wieder wei wann naischt gewiercht wär. Wei Madame Schmitt eraus well goen heiert een eng Siren an kuerz drop kommen zwee Men in Black eran. Mme Schmitt geet zerck.*

Men in Black 1: FBI! Weist mer ierch Posch w.e.g!

Madame Schmitt: Wirwaat? Ech hun dach naischt gemaach.*(den Men in Black well se beim Aarm paacken)*Hei, waat geet dech un eng eeler Damm esou ze behandelen.

Men in Black 2: An waat ass daat heiten dann?*(dobei weist hien Zeitungen aus der Posch.)*

Men in Black 1: Ma dann kommt emol mat! Dann erklärt der eis et mol keneer!

*Madame Schmitt geet mat denen zwee Men in Black eraus.*

Receptionistin: *(zum Publikum)*An ech hun emmer geduecht sie geif wings eisem Dokter Best kommen.

*Dr. Stefan Krank kennt eran.*

Doktor Stefan Krank : Dora weini kennt eisen VIP fir d'ScheinheetsOP.

Receptionistin: Deen misst all Moment kommen.

*Zwee Men in Black kommen eran. An maachen den Wee frei fir Britney Spears andem ze den Jemp an den Dokter Best op Zait filzen(Musek).*

Doktor Stefan Krank : Ah, hei sin se jo. I'm Happy to meet you Britney Spears, please follow me.

*Een Iwwersetzer leeft lues mat engem Scheld iwwert Bühn wou drop steet:* ***Ech sin frou dech kennen ze leiern Britney Spears. Komm mer w.e.g no.***

*Receptionistin steet op an leeft bei Britney.*

Receptionistin: Can ech have een Car… eeeehhhhhhhhh, een Autogramm, please?

*Britney krotzelt eppes op een Steck Pabeier an gett et erem zereck.*

*Den Jemp botzt nach emmer. Dr. Stefan Krank freet Receptionistin.*

Doktor Stefan Krank : Ech brauch nach onbedengt eng Assistentin bei der OP. Wou sin eis Schwesteren.

Receptionistin : Et ass leider keng zur Verfügung. Dir wesst jo dass mir Personalmangel hun.

Doktor Stefan Krank : An elo ?

Receptionistin : Ech wess et net.

Doktor Stefan Krank : Dann muss dier mier eben elo bei der Operation hellefen.
Receptionistin : Mais Herr Dokter ech kann jo keen Blut gesinn !
Dokter Stefan Krank : Wir wat daat dann ?
Reseptionistin : Ech sinn dach blann ! ! !
Doktor Stefan Krank : Schwester Nikola, dir kommt dann elo mat an den OP. Esou schnell ewei meigelech w.e.g.
Schwester Nikola: *(rift)* Steier mech dach elo net wou ech graad am gaang sin ze gewannen!!!!!

*Britney Spears an den Stefan Krank verschwannen am OP. Kuerz drop heiert een Gereischer vun enger Motose an Been vun enger Popp kommen op Bühn geflunn. Den Dokter Stefan Krank kennt op Bühn an sammelt se an.*

Dokter Stefan Krank: Ech mengen ech brauch wirklech eng Assisstentin.

*Geet zereck an den OP.*

*En Patient kennt am Buetmantel eran gelaaf an geet bei Reception.*

Patient 1 : Ech brauch een Dokter. Schnell et ass een Neutfall.
Receptionistin : *( durch den Mikro)* Dokter Best an d`Reception w.e.g. D`ass een Neutfall !

*Den Dr. Best steet genervt op an treppelt relax an d`Reception.*

Schwester Nikola: Brauch der Hellef, Haer Dokter?
Dokter Best : Nee nee, ech gin schon eens. Waat ass dann geschitt ?
Patient 1 : *(aussersech)* Herr Dokter, Herr Dokter, ech hun schrecklechen Durchfall, kann ech domat an Bidden goen ?
Dokter Best : Jo secher, wann dir eng Bidden voll kritt ass dat keen Problem.

*Patient leeft nees fort.*

*Den Dr. Best geet zreck op seng Platz.*

*Schwester Stefanie kennt eran an brengt dem Dokter een Röntgenbild.*

Receptionistin: *( zu den Schwesteren)*Kann een vun ierch dem Dokter Best daat hei an den Büro drohen.

*Schwesteren sprangen op an laafen dohin. Schwester Stefanie war awer e beschen mei schnell an kriit d'Röntgenbild fir d'eischt*

*Geet an den Büro vum Dokter Best.*

Schwester Stefanie: Hei Herr Dokter ass grad fir irech era komm!
Dokter Best: Merci! So daat ass jo nach emmer esou mam Iessen goen haut den Owend?
Schwester Stefanie: Jo,jo. Um 8 Auer.

*Schwester Stefanie geet eraus. Den Dokter kuckt sech Röntgenbild mol un. Mee e gett net eens.*

Doktor Best : Jemp, Jemp wou bass ?
Jemp: Jo, Herr Doktor wat ass dann.
Doktor Best : Jemp ech hun een Problem an ech wess net mei weider.

*Dr. Best steht op an gett him d'Röntgenbild.*

Doktor Best : Hei guck dir dat emol un.Wat haels du dann dovun.
Jemp : Hmmm. Dat do ass awer wirklech en schlemmen Fall vun

| | |
|---|---|
| | enger Rhinophymbildung. |
| Doktor Best : | Jo ech wess. An wou waat kann dat kommen? |
| Jemp : | Daat do ass e ganz schlemmen Fall vun Klebsiella rhinoscleromatis. |
| Doktor Best : | Ah sou.! |
| Jemp : | Jo jo, do helleft nemmen eng Rhinoplastik. Ech geing awer nach fir d'aller- eischt eng Rhinoscopie maachen. |
| Doktor Best : | Aha! Ok wanns du daat sess Jemp dann maachen ech daat. Ech soen dir villmols merci fir deng Hellef. |
| Jemp: | Dass naischt Chef. |

*Jemp geet zereck un seng Arbecht. Doktor geet zereck un seng Arbecht.*
*Alles bleiwt. Cactus Musek. (→ Doktor get eraus. Luucht aus)*

Szen 2

*Jemp botzt nach emmer.*
*Dr. Stefan Krank kennt aus dem OP eraus sain Kittel ass voll mat Blut geschmiert.*
*Patient 2 setzt op der Bühn.*
*Eng Madame setzt op der Bühn.*
*Madame kennt bei den Dr. gelaaf.*

| | |
|---|---|
| Madame : | Ah, Gott sei Dank do sidd dir jo endlech. Ass mengem Mann seng Operation gudd verlaaf ? |
| Doktor Stefan Krank : | Wei, eng Operation ech hun gemengt et waer eng Opduktion. |
| Madame : | Ahh ! ! *(geet an d'Getten.)* |
| Doktor Stefan Krank : | Et gett heich Zait dass ech eng Assisstantin kreien. Jemp komm hellef emol ! ! |
| Jemp : | Ok Chef. |

*Jemp an Dr. Stefan Krank drohen d'Fra eraus.*
*Dr. Best kennt eran.*

| | |
|---|---|
| Doktor Best: | Dora ass schon den naechst Patient do ? |
| Receptionistin : | Jo do setzt den. Sost Haer Dokter fann der desen Neellack schein? |
| Dokter Best: | Net immens. |

*Dorop hien probeiert hatt en schnell nees of ze maachen.*

| | |
|---|---|
| Dokter Best: | Ma dann kommt w.e.g. mat? |

*Geet mat sengem Patient an sain Zemmer.*

| | |
|---|---|
| Doktor Best : | Dann huelt iech Plaatz w.e.g. |
| | -- An wat feelt eis dann? |
| Patient 2 : | Ma Herr Doktor gesidd dir dann dei kleng weiss Elefanten hei net. |

*Patient 2 klappt sech op d'Scheller.*

| | |
|---|---|
| Doktor Best : | Dach ! Mais, halt se nemmen bei iech!! |
| Patient 2 : | Waat kann ech dann do geint maachen? |
| Doktor Best : | Dat ass keen Problem ech verschreiwen iech hei eppes. Hut |

dir dann soss nach een Problem ?

Patient 2: Jo mais, Herr Doktor et ass mir eierlech gesot e beschen penibel.

Doktor Best : Dir braucht awer keng Angscht ze hun.

Patient 2 : Mais Herr Doktor ech schummen mech awer.

Doktor Best : Allez, allez ech als Doktor sin schon villes gewinnt.

Patient 2*(ganz schei)* : Oh, Herr Doktor ech hun all mueres um 7 Auer Stuhlgang.

Doktor Best : Daat brauch iech awer net peinlech ze sin. Dat ass jo neischt schlemmes.

Patient 2: Mais, Herr Doktor dat domm ass ech gin erreicht fir 8 Auer warkerech.

Doktor Best : Daat ass natirlech net esou gudd.(iwwerleet)

Patient 2: Wat kann ech dann do geint maachen Herr Doktor?

Doktor Best. Majo ech verschreiwen iech hei een Medikament daat dir iech 2 mol den Daag rectal apllizeiert.

Patient 2: Wat meng Dir. ? ? ? Wei applizeiert ? ? ? Waat so dir???

Doktor Best : Majo en Medikament wa dir iech ganz einfach anal anfeiert.

Patient 2: Wat anfeieren. Wat schwetzt dir do . Dat do verstin ech awer net.

Doktor Best : Stircht iech et an den Arsch.

Patient 2: Also herr Doktor dir braucht awer net direkt frech ze gin.

*Patient 2 leeft rosen eraus.*

*Alarm ! ! ! !*

Receptionistin : *(durch den Mikro)* Herr Doktor Best et kennt elo en Noutfall eran!

*Dobei ass se amgaang hir Neel rout ze fiwen.*

*2 Schwesteren kommen mat dem Patient 3 deen schweier verletzt ass eran.*

Doktor Best : Dann maacht emol Plaatz fir dass ech mir dei Saach emol kann ukucken.
-- Aha, Mmmmh, Hmmmm…

*Dr. Best hellt en Meter a most.*

Patient 3 : Herr Doktor ass et schlemm?

Doktor Best : Neen et gett erem alles an d'Rei.

*Dr. Best dikteiert d'Mosen. Schwester Nikola schreiwt se op.*

Dokter Best: 1 meter 60 op een halfen.

Patient 3 : Herr Doktor gin ech erem gesond ?

Doktor Best : Majo secher.

*Dr. Best steet op an geet bei d'Dora.*

Doktor Best : Kennt dir w.e.g den Schreiner uruffen an him dei heiten Mosen durch gin.

Receptionistin : Jo kenn Problem!

Schwester Nikola : *(freet ganz verleift)* Herr Dokter huet der Looscht mat mer an der Mettegpaus iessen ze goen. Mir waren schon laang net mei.

Receptionistin: Net laang genuch!!

Schwester Nikola: Waat wess du schon, du domm Barbiespopp. Dech well mol

net den Gildo Horn!

*Dora well opstoen.*

Dokter Best: Meng Dammen w.e.g. gett elo net gestrieden! Ech hun keng Zait fir eppes iessen ze goen. Deet mer leet mee ech hun einfaach zevill ze din.

*Schwester Stefanie beobacht dei Szen schmunzelnt.*

Patient 3 : *(rifft)* Herr Doktor weini kann ech dann erem heem?

Doktor Best : Geschwënn!

Receptionistin : *( seet ganz beleidesch)* Ech faxen se elo direkt. Dann ass den Sarg schon muer hei!!

Doktor Best : Daat ass ganz gudd.

*Zu den Schwesteren.*

Doktor Best : Den doten kennt dir esou laang an den Frigo stellen. Dann hellt hien sech och gudd bis muer.

*Schwestern drohen den Patient 3 eraus. Hien kämpft. »Ech well net » Dofir drecken Schwesteren him den Mond brutal zou.*

*Dr. Best geet eraus.*

Szen 3

*En Mann an seng Fra kommen eran. Den Mann get bei Dora an d'Fra sëtzt sech.*

Receptionistin : Wei kann ech iech hellefen ?

Mann *(tuddelt)* : Meng Fra well onbedengt bei den Doktor Stefan Krank ,den Doktor dem Frauen vertrauen.

Receptionistin : Tuddelt dir emmer esou ?

Mann : Nee, nemmen wann ech schwätzen.

Receptionisten : Denn Herr Doktor kennt direkt. Huelt iech w.e.g esou laang Platz.

*Dr. Stefan Krank kennt eran.*

Doktor Stefan Krank : Oh Gott, dat do war awer elo eng knapp Operation.

Receptionistin : Watt ass dann geschitt?

Doktor Stefan Krank : Majo 2 cm mei weit an ech waer aus mengem Fachgebiet eraus gewirech.

Receptionistin : Dir braucht wirklech eng Assisstentin. Herr Doktor do warden nach Patienten op iech.

Doktor Stefan Krank: Ma dann kommt mol matt.
--An wou dreckt den Schong dann.

Fra : Un der decker Zeiw, Herr Doktor.

Doktor Stefan Krank : Neen ech mengen waat fir een Problem der hutt.

Fra : Majo Herr Doktor, heiansdo heieren ech Stemmen.

Doktor Stefan Krank : Interessant, Interessant!

Fra : Herr Doktor dir musst mir hëllefen well soss gin ech nach mell.

Doktor Stefan Krank : Interessant, Interessant. Weini heiert dir dann emmer dei Stëmmen?

Fra : Majo, emmer wann ech telefoneieren.

Doktor Stefan Krank : Interessant, Interessant. Ech mengen mir maachen emol eng

Röntgen, eng Blut an Urinanalyse an dann nach eng Endoscopie an eng Rectoscopie an villaicht nach en EKG an zou gudder Lescht nach en Enzyfalogramm. An wann dir dann Chance hutt, kennt dir schon Muer opereirt gin. Ech ruffen iech eng Schwester die helt iech dann mat.

*Schwester Stefanie kennt eran.*

Doktor Stefan Krank : Kennt dir w.e.g. dei Herrschaften hei matt an den Scanner huelen.

Schwester Stefanie : Keen Problem. Kommt mir no w.e.g

*Schwester Stefanie Mann a Fra gin eraus.*

*Dr. Stefan Krank geet eraus an den Op.*

*Kuerz drop kennt mam Britney eran (Britney ass am Rollstuhl hat ass zou gedeckt).*

Doktor Stefan Krank : I am Happy that you was here by me in the best Klinikum in Sandweiler. I hope you are lucky very with your new Chassis. I am happy to see you again for our next Operation. Bye Bye!

*Den Iwwersetzer kennt nach eng Keier iwwert Bühn gelaaf. Um Scheld steet:* ***Ech sin frou dass der hei bei heis wart... BLA BLA BLA!!!***

*Britney fällt dem Dokter em den Hals an dreckt den ganz fest an seet.*

Britney: *( mat enger piebsecher Stemm)* Here, my phonenumber call me!!!

*2 Men in Black kommen d'Britney sichen. Den Dokter kuckt hienen verleift no.*

*Den Dokter Best deen erem op Zait gefilzt guef mech seng Krawatt erem an d'Rei.*

Dokter Best: Oh freak! Waat war daat haut een ustrengenden Daag.

*(dreit sech zou sengem Zemmer)*

--Stuppi, bass de färdeg fir iessen ze goen?

*Schwester Stefanie kennt ganz schick ugdo aus sengem Zemmer.*

Schwester Stefanie: An wei gefallen ech der?

Dokter Best: Du gesaiss einfach super aus!

*Hien hellt et an den Arm an gin heraus.*

*Receptionistin an Schwester Nikola kucken ganz erstaunt dran wei sie die zwee gesin.*

Schwester Nikola: Asou ass daat also! Ech gin mer die gaanzen Zait mei an hatt kritt Belohnung.

*Den Dr. Stefan Krank geet bei Schwester.*

Dokter Stefan Krank: Wann ierch daat dreischt dann gin ech mat ierch iessen.

Schwester Nikola: Nee merci! Dann spillen ech leiwer mam Jemp Uno.

--Jemp, kenns de.

Dokter Stefan Krank: Dann eben net!

Jemp: Ok!

Receptionistin : *( ganz mitt)* Endlech Feierowend. Ech sin jo esou freckt geschafft. Et missst mol erem eng Keier e verlaengerten Weekend hun.

Doktor Stefan Krank : Jo ech mengen och mir mussen mol erem eng Keier streiken.

*Rideau*

*Britney kennt nach eng Keier op Bühn an fängt op seng Musek un ze danzen an dobei Beweg et den Mond wie wann et geif sangen. Lues a lues kommen nach eng Keier all Akteuren op d'Bühn.*